



Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 3. Mee 2023

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden.

Virun engem knappe Joer huet d'EU-Kommissioun Pläng presentéiert, fir géint sexuell Gewalt géint Kanner am Internet virzegoen. Et steet ausser Fro, datt et noutwendeg ass, déi betraffe Mannerjäreger ze schützen an géint des Zort vun besonnesch schlëmme Verbrechen virzegoen. Allerdéngs geséit dat proposéiert Reegelwierk vun der Kommissioun och een ëmstriddenen Chatkontroll fir. Dat bedeit, datt Kommunikatiousservicer respectiv Internetprovider sollen obligéiert ginn, déi privat Messagen vun den Utilisateuren automatesch ze scannen, fir ze kontrolléieren, op do keen problematesche Contenu dran ass, wei zum Beispill Kannerpornographie oder Grooming, d.h. den Kontaktversuch vun Erwuessenen mat Mannerjähregen. Esou eng Technologie riskéiert jiddereen erënnert Generalverdacht ze stellen.

Wei rezent an de Medien ze liesen war, huet d'Cellule scientifique vum EU-Parlament eng héchst kritesch Analyse vun dëse Pläng gemaach, well esou een Outil d'Grondrechter vun de Bierger géif verletzen. An dem Zesammenhang géif ech gären follgend Fro un d'Madamm Justizministesch stellen:

- Wei ass d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung zu dësem geplangten EU-Reglement?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéierten